

Gemengebuet 03/2025



Heures d'ouverture Bureau de la population/État civil

Lundi-jeudi : 08:00 - 11:30 & 13:00 - 16:00 / Vendredi : 8:00 - 14:00

Sur rendez-vous*:

Mardi : 16:00 - 18:30 / Vendredi : 07:00 - 08:00

*Demander votre rendez-vous par téléphone (35 01 13-250), par e-mail (population@schuttrange.lu), en ligne (www.schuttrange.lu/prise-de-rendez-vous) ou par code QR.



Collège des bourgmestre et échevins

T. 35 01 13-1

Claude **MARSON**, *bourgmestre*
Serge **EICHER**, *échevin*
Conny **NEY**, *échevine*

Conseillers communaux

Jean-Marie **ALTMANN**
Nora **FORGIARINI**
Andrew **KISER**
Annemarie **NAGEL**
Jules **SAUBER**
Serge **THEIN**
Paul **THEISEN**
Nicolas **WELSCH**

Accueil

T. 35 01 13-1 / F. 35 01 13-259

Natascha **PARAGE-KIMMEL**
Sandy **LUCIUS**

Secrétariat

T. 35 01 13-220 / F. 35 01 13-229

secretariat@schuttrange.lu
Alain **DOHN**, *secrétaire communal*
Annick **GUT**
Joëlle **HUBERTY**
Sandy **LUCIUS**
Robert **MANNES**
Ranjit **NEUMAN**
Victor **NEUMANN**

Bureau de la population, État civil

T. 35 01 13-250 / F. 35 01 13-259

population@schuttrange.lu
Vincent **NICLOU**, *chef de service*
Barbara **CASH**
Ronny **LUX**

Recette communale

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239

recette@schuttrange.lu
Mireille **REDING**, *receveur communal*

Service financier, Facturation

T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239

facturation@schuttrange.lu
Florian **ALTMANN**
Laurent **HARTZ**
Cécile **STRONCK**

Relations publiques, Réservations

T. 35 01 13-600
relations.publiques@schuttrange.lu
Vicky **JUNGBLUTH**, *chef de service*
Philippe **LENTZ**
Larry **DA LUZ**

Service de l'environnement et de l'énergie

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249
Daniel **FLIES**

Service Urbanisme

T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249

Tania **VELEZ**, *chef de service*
Cédric **NÉRÉ**

Service technique

T. 35 01 13-240 / F. 35 01 13-249
servicetechnique@schuttrange.lu
Daniel **PACIOTTI**, *chef de service*
Rodrigo **CLAUDIO**
Raoul **PETRY**
Michel **SCHOMMER**
Paul **SCHUMMER**
Daniel **GIALLOMBARDO**, *agent municipal*
Kelly **SEPULVEDA**, *secrétariat du Service technique*

Atelier technique

T. 35 01 13-262 / F. 34 17 51
Serge **HOFFMANN**, *chef de service*

Enseignement

T. 35 98 89-320 / F. 35 98 89-398
Joëlle **MAX**, *présidente du Comité d'école*
Steve **BACK**, *service scolaire*

Service conciergerie

T. 35 01 13-340

Oliver **PLEYER**, *chef de service*

Maison Relais, Crèche

T. 35 98 89-371 / F. 35 98 89-379
GSM 621 154 707

Schëtter Jugendhaus

T. 26 35 07 90 / F. 26 35 07 91

Recycling Center

T. 34 72 80 / F. 34 72 81

Centre forestier

Pit **LACOUR**, *préposé-forestier*
T. 247 - 56694 / 56688
GSM 621 202 102

Office Social Ieweschte Syrdall

T. 27 69 29-1

Service de médiation de voisinage

GSM 621 673 648
mediation@schuttrange.lu

Syrdall Heem Asbl

Aide et soins à domicile, centre du jour
T. 34 86 72

Police

T. 113

Police - Commissariat Syrdall

T. 244 78 1000

Appel d'urgence

T. 112

Gemengebuet 03/2025



Gemengerot vum 30.04.25 & 21.05.25	4
Conseil communal du 30.04.25 & 21.05.25	15
Local council meeting 30.04.25 & 21.05.25	25



Offiziell Informatiounen	
Informations officielles	
Official information	36



Klimapakt	
Pacte climat	
Climate pact	50



Projete vun der Gemeng	
Projets de la commune	
Projects of the commune	58



Aktivitéite vun der Gemeng	
Activités de la commune	
Activities of the commune	59



Veräinsliewen	
Vie associative	
Association activities	70



Manifestatiounskalenner	
Calendrier des manifestations	
Calendar of events	78



LU

Sëtzung vum Gemengerot 30.04.2025

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der véierter Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt de Schäffen Andrew KISER esou wéi d'Conseillere Nora FORGIARINI a Jules SAUBER.

Heibäi deelt hie mat, datt:

- Den Här Andrew KISER dem Här Serge EICHER eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen;
- D'Madame Nora FORGIARINI der Madame Annemarie NAGEL eng Procuratioun ginn huet, fir an hirem Numm ofzestëmmen;
- Den Här Jules SAUBER dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem deelt de Buergermeeschter mat, datt d'ëffentlech Ofstëmmung vun dëser Sëtzung mam Conseiller Jean-Marie ALTMANN ufänkt.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer d'Evenementer, déi zanter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Samschdes, den 29. Mäerz, huet de Schäfferot zesumme mat der Kommissioun fir Ëmwelt an nohalteg Entwécklung op hir „Grouss Botz“ invitéiert. Mat der Hëllef vu ville Scoute souwéi Biergerinnen a Bierger, déi fräiwëlleg de ganze Moien deelgeholl hunn, goufen Offäll laanscht Stroossen a Feldweeër gesammelt. Mëttes hu Membere vum Veräin „Schëtter Hëllef“ eng Zopp fir d'Participanté preparéiert. Et stellt ee fest, datt d'Quantitéit un Offäll laanscht d'Stroossen iwwer d'Joren ofhëlt, och wann et nach ëmmer Plaze ginn, déi ganz verschmotzt sinn. Den edukative Charakter vun dëser Aktioun ass wichteg, a mat héijer Warscheinlechkeet wäerten déi Jonk, déi deelhuefen, als Erwuessener e méi respektvollen Ëmgang mat der Natur hunn an hir Offäll net einfach do entsuerge;
- Parallel zu der Aktioun „Grouss Botz“ huet och déi zweet Editioun vum Occasionsmaart vun der „La Leche League Luxembourg“ am Centre culturel stattfonnt;
- Sonndesmoies um 10 Auer gouf d'Bamplanzaktioun fir déi Neigebueren an der Syrstrooss zu Iwwersiren ofgehalen. Nomëttes huet den „Luxembourg Allergy Network“ seng Ouschterfeier am Schëtter Treff organiséiert;
- Méindes, den 31. Mäerz, huet d'Generalversammlung vum „Syndicat des Intérêts locaux de Schrassig“ owes am Sall Bichelgréitche um Schoulcampus stattfonnt;
- Mëttwochs, den 2. Abrëll, gouf de Cabaret „Mämmories“ am Centre culturel opgefouert. Den Owend, organiséiert vun der Kulturkommissioun, war gemittlech a gutt besicht mat ronn 60 Spectateuren.
- Freides, den 11. Abrëll, huet de Club des Jeunes seng Generalversammlung an hirem Lokal ofgehalen. Den Dag drop, bei schéinem Wieder, huet de Schëtter Maart stattfonnt. Kanner haten d'Méiglechkeet, am Schëtter Treff Ouschtereeër ze fierwen;
- Fir de Karfreideg, den 18. Abrëll, konnt een am Café de la Gare zu Mënsbech frittéierte Fësch kafen – fir do z'iesse oder matzehuelen. D'Aktioun gouf vum „Tornado Team Hamm“ organiséiert;

- Dënschdes, den 22. Abrëll, gouf en Don vun 2.517 € un d'ASTM (Action Solidarité Tiers Monde) fir de Projet MASIPAG iwwerreecht, deen nohalteg Landwirtschaft op de Philippinnen ënnerstëtzt. Dëse Betrag koom zum Deel aus de Recettë vun der Editioun 2024 vum „Faire Genoss um Kaffisdësch“, mee och duerch Done vun de Partnergemeinen Nidderaanwen, Conter a Sandweiler;
- Mëttwochs, den 23. Abrëll, huet d'Sport- a Fräizäitkommissioun eng Bus-Exkursioun op Huy organiséiert, fir un der Arrivée vun der Flèche Wallonne deelzehuelen;
- Donneschdes, de 24. Abrëll, hunn d'„Lëtzebuerger Rousefrënn“ hir Generalversammlung owes am Sall Bichelgréitche um Schoulcampus ofgehalen;
- Freides, de 25. Abrëll, huet déi politesch Partei „Schëtter Bierger“ en Afterwork mat Grillfest an Tombola am Café de la Gare organiséiert;
- De Weekend vum 26. Abrëll huet den Event „Wine and Dine“, organiséiert vun der Amicale vun de Pompjeeë Mënsbech-Schëtter, am Centre culturel stattfonnt;
- Méindes, den 28. Abrëll, huet och d'Pleniëre vum „Ronnen Dësch“ zu Luerenzweiler stattfonnt, am Kader vum „Vivre ensemble“, wou d'Gemenge sech iwwer hir Projeten austauschen a wou betraffe Ministeren op d'Froen äntweren. Eis Gemeng war duerch de Buergermeeschter an d'Membere vun der Kommissioun fir d'Zesummeliewe vertrauden;
- Gëschter, den 29. Abrëll, gouf eng Kleedersammlung vun der Associatioun „Aide aux enfants handicapés et défavorisés de Luxembourg“ an eiser Gemeng organiséiert. D'Awunner konnten hir al Kleeder, Schong an aner Textilie fir e gudden Zweck spenden;
- Gëschter Owend huet de Schäfferot d'Bierger op e Participatiounsatelier an de Centre culturel invitéiert. Et goufen déi participativ Projeten am Kader vun der Biergerbedeelegung, esou wéi dat neit Noperschaftsnetzwierk HOPLR virgestallt. Dono goufen Atelierer zesumme mat de Bierger organiséiert, fir Iddien am Kader vum Participatiounsbudget ze entwéckelen. Leider war d'Participatioun net ganz grouss, mee zwou Gruppe vu 5 bis 8 Persounen hu gutt zesumme geschafft. En aner Atelier gëtt am Hierscht organiséiert. D'Gemeng wäert bis dohi weiderhi kommunizéieren, fir nach méi Leit ze motivéieren, sech anzebréngen – net nëmme mat Iddien, mee och duerch perséinlechen Engagement;
- Wat de Partizipative Budget ugeet, ass de Kalenner wéi follegt:
 - D'Projete kënnen nach bis Enn Juli agereecht ginn. An deem Kader gëtt een Appel à projets iwwer d'Informatiounskanal lancéiert;
 - Am August gëtt iwwerpréift, ob d'Projete recevabel a machbar sinn;
 - Am September ginn d'Projete vum Decisionscomité ausgewielt;
 - Am Hierscht kënnen se dann ëmgëtt ginn.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschidden Evenementer, déi nach ustinn:

- Muer, den 1. Mee, um Dag vun der Aarbecht, wäerten erëm verschidde Veräiner an de Bëscher vun der Gemeng present sinn, fir déi schéin Traditioun vum Flechte vum Meekranz ze erhalen a gemeinsam ze feieren;
- Dësen Donneschdeg, de 4. Mee, organiséiert d'Sport- a Fräizäitkommissioun zesumme mat der Gemeng Schëtter déi traditionell Marche Gourmande. Dëse kulinarische Circuit vu ronn 13 Kilometer féiert iwwer en ausgeschëlderte Parcours mat 5 Statiounen. Start an Zil sinn am Centre culturel;



- Dënschdes, de 6. Mee, fënnt d'Generalversammlung vum Fotoclub am Pavillon bei der Minsber Gare statt, an e Mëttwoch, de 7. Mee, organiséiert d'Associatioun „Gaart an Heem Schëtter“ eng aussergewöhnlech Generalversammlung um 19 Auer am Schëtter Treff;
- De 7. Mee gëtt och de pedagogesche Chalet „Stippi“ offiziell ageweit;
- Den 8. Mee feiert de Gemengerot zesumme mat de berodende Kommissiounen den Europadag, a wëll heimat an dëser Zäit säi Bekenntnis zu engem staarken, vereenten a friddlechen Europa nach eemol ënnersträichen;
- Samschdes, den 10. Mee, fënnt de Schëtter Maart statt. Nieft de gewinnnten Aussteller wäert och e Kuch-Bakconcours organiséiert ginn. Jidderee ka matmaachen, ënnert der Bedéngung, datt de Kuch op d'mannst ee Fairtrade-Produit enthält – dëst am Kader vun de Fairtrade-Wochen. Duerno ginn all d'Kuche verkaaft, an d'Recettë ginn un d'ASBL „Luxembourg Allergy Network“ gespent;
- De selwechte Moie gëtt och e Pétanque-Tournoi um Terrain virun der aler Schoul zu Mënsbech gespillt. Dësen Tournoi gëtt vum Club „La Pétanque“ organiséiert;
- Sonndes, den 11. Mee, fënnt d'Generalversammlung vun der ASBL „Stippi“ um 12 Auer am Café de la Gare zu Mënsbech statt;
- Samschdes, de 17. Mee, organiséiert d'„Schëtter Musek“ hire grouse Galaconcert um 20 Auer am Centre culturel. Zesumme mat de „Schëtter Jongbléiser“ hu si e flotten a variéierte Programm zesummegeallt, dëst Joer ënnert dem Motto: „Come fly with us“. Tickete kënnen am Virverkauf bei de Veräinsmembere kaf ginn;
- Den 18. Mee fënnt den Dag fir Klima a Biodiversitéit statt, gekoppelt mam Natura 2000-Dag, dëst vun 10 bis 17 Auer am Centre culturel „Machera“ zu Gréiwemaacher;
- Freides, den 23. Mee, gëtt nees d'Nopeschfest gefeiert. Eis Gemeng mécht säit Jore mat bei dëser flotter Initiativ, déi d'Zesummeliwien an d'Noperschaftsrelatiounen stärke soll. Duerch d'Nopeschfest kann ee seng Noperen op eng gemittlech Manéier kenneléieren oder einfach eng schéin Zäit zesumme verbréngen. D'Gemeng ënnerstëtzt d'Organisatioun duerch d'Sécherung vun der Strooss an d'Bereetstellung vu Bänken, Dëscher a Poubellen – gratis natierlech;
- De Weekend no der Gemengerotssëtzung vum 21. Mee, also vu Samschdeg, 24. Mee, bis Sonndeg, 25. Mee, fënnt den Event „Classic Days Schëtter“ um Schoulcampus „An der Dällt“ statt. Nieft enger Ausstellung vun alen Autoen an Traktere si vill Animatiounen iwwer de ganze Weekend geplangt.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Doriwwer eraus gëtt den Här Buergermeeschter nach folgend Informatiounen:

- Wéinst Aarbechte vun den CFL un der Barrière PN63a bleift de Kierchewee viraussichtlech vum 5. bis de 16. Mee gespaart;
- Vum 28. bis den 30. Abrëll 2025 ginn et Nuetsaarbechten op der Eisebunnsstreck tëscht Lëtzebuerg a Waasserbëlleg, déi eventuell d'Nuetsrou stéiere kënnen;
- Zousätzlech ginn et temporär Ännerungen am Zuchverkéier tëscht Lëtzebuerg an Tréier wéinst weideren Aarbechten op där selwechter Streck, an zwar de 26. a 27. Abrëll 2025 an den 3. a 4. Mee 2025;
- Den Nationalen Dag vun der Digitaler Inclusioun fënnt de 17. Mee 2025 am Kader vum Salon vun der Digitaler Inclusioun an der Luxexpo – The Box statt;
- Den Här Andrew KISER wäert säi Mandat als Schaffen den 31. Mee néierleeën. Seng Demissioun gouf duerch een Arrêté ministériel vum 15. Abrëll 2025 ugeholl;

- Wat de Recrutement vu Studenten um pädagogesche Baurenhaaff „Moutforter Haff“ ugeet, deelt de Buergermeeschter mat, datt d'Gemeng Mutfert all Joer een Appel à candidatures a ronn zéng Nopeschgemengen organiséiert, fir sou vill Interesséierter wéi méiglech ze fannen. D'Gemeng Schëtter hat am Joer 2024 am Ganzen 8 Studenten zur Verfügung gestallt, déi jeeeweils fir zwou Wochen agesat goufen;
- Eng Brochure vum Syvicol mam Titel „D'Gemengegesetz liicht gemaach“ erkläre d'Reegelen iwwer d'Zoustännegkeeten, d'Organisatioun an d'Fonctionnement vun de Gemengen op eng vereinfacht a fir jidderee verständlech Aart a Weis.

Uschlëssend renseignéiert de Conseiller Nicolas WELSCH iwwer:

- déi lescht Reunioun vum Comité vum Syndikat SIDERE. Hei goufen et Erklärungen zur Erhéijung vum Präis fir d'Liwwerung vum Drénkwaasser, déi ongeféier 12% ausmécht. Dës Erhéijung ass haaptsächlech op d'staark Präiserhéijunge vum Syndikat SEBES zeréckzeféieren, déi si dem SIDERE fakturéiert, virun allem fir d'Capacité réservée an d'Uschlëss, déi sech tëscht 2022 an 2025 bal verduebelt hunn. Et ass awer festzehalen, datt de Präis, deen de SIDERE fir d'Waasserliwwerung berechent, praktesch onverännert bliwwen ass. De Conseiller WELSCH deelt och mat, datt de SIDERE amgaang ass, en neit administrativ an technesch Gebai zu Fluesweiler ze bauen;
- de Syndikat SIDEST kämpft aktuell mat verschiddene Problemer, besonnesch wat d'Personalverwaltung ugeet. Dës Schwierigkeeten sinn duerch d'Demissioun vum Receveur, vum Sekretär an och vun der Directrice faisant fonction d'itélech ginn. Zousätzlech huet ee Rapport de vérification vum Service de contrôle vum Inneministère Onreegelméissegkeeten an der Comptabilitéit opgedeckt. No Analyse vum Rapport huet de Büro Stellung geholl, an et ass elo eng déifgräifend Aarbecht néideg, fir d'Comptabilitéit an d'allgemeng Gestiou vum Syndikat ze verbesseren. Fir de Conseiller WELSCH ass d'Léisung vun dëse Problemer eng wichteg Prioritéit, wann een d'Bedeutung vum Syndikat kuckt, dee mat engem ordinäre Budget vun 18,7 Milliounen Euro an engem extraordinäre Budget vu 76 Milliounen Euro eng strikt Gouvernance verlaangt;
- strategesch Ännerungen an der Gouvernance vum Syndikat SIGI (Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique), déi opgrond vun den Empfehlungen aus engem Audit vun 2023 ëmgeseit goufen. Dës Ännerunge féieren zur Aféierung vun enger neier Direktioun an enger Reorganisatioun vun de Services. D'Haaptakzenter dovun sinn: Optimiséierung vun de mënschleche Ressourcen, Stärkung vun der interner Expertise, fir manner op extern Consultanten ugewisen ze sinn, besser Budgetssteuerung an eng Moderniséierung vum Informatiksystem, besonnesch am Beräich Cybersécherheet.

1.

Bäifüge vun engem zousätzlechen Punkt op der Dagesuerdnung

De Schafferot proposéiert, e weidere Punkt op den Ordre du jour bäizefügen, am Kader vun engem Virkafsrecht fir en Terrain zu Schraasseg, am Lieu-dit „Hannert dem Gaart“.

Well dës Punkt nom Verschécke vun der Convocatioun agereecht gouf, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Punkt op den Ordre du jour vun der haiteger Sëtzung opzehuelen.



2.

Ëmwelt an nohalteger Entwécklung

2.1. Presentatioun vun den Haaptindikatore am Kader vum Klimapakt an dem Leitbild 2030

De Gemengerot hält d'Haaptindikatore am Kader vum Klimapakt an dem „Leitbild 2030 – Nohalteger Entwécklung“ zur Kenntnis.

2.2. Unerkennung vun enger Konventioun tëschent dem Syndikat SIAS an de Membergemenge fir de Projet „Holz vun hei“

De Projet „Holz vun hei“ ass e regionale Label, deen drop ausgerichtet ass, Produkter aus regionalem Holz ze identifizéieren an ze valoriséieren, déi aus den eegene Bëscher stamen. Den Haaptobjektiv besteet doranner, d'Bewosstsi fir déi Problemer, déi mat engem globaliséierten Holzmarkt verbundene sinn, ze stäerken a lokal Versuerungsketten ze ënnerstëtzen.

Mat der Ënnerschrëft vun der jeeweileger Konventioun engagéiert sech d'Gemeng Schëtter, d'Initiativ aktiv z'ënnerstëtzen, d'Notzung vum lokalen Holz ze fërderen an d'Kritik vun der Charta, déi vum SIAS ugeholl gouf, unzewenden an ze respektéieren.

De Gemengerot decidéiert eestëmme, d'Konventioun fir d'Ëmsetzung vum Projet „Holz vun hei“ ze ratifizéieren.

3.

Urbanismus a kommunal Entwécklung

3.1. Punktuell Modifikatioun vum Plan d'aménagement général (PAG) vun der Gemeng Schëtter iwwer d'Klasséierung vun engem Terrain zu Mënsbech, Flouer „Auf dem Langenfeld“, an eng Zone BEP – Befroe vum Gemengerot an d'Decisioun, keng Ëmweltpréiwung duerchzeféieren

No der Presentatioun vum Här Henning Nieboer vum Büro vum Ingenieuren an Architekten LSC360 vu Conter, decidéiert de Gemengerot eestëmme:

- eng positiv Stellungnam ofzeginn zur punktueller Modifikatioun vum PAG vun der Gemeng Schëtter iwwer d'Klasséierung vun der Parzell Nr. 1195/4357, geleeën zu Mënsbech, am Flouer „Auf dem Langenfeld“, an eng Zone BEP, an de Schäfferot ze beoptragen, déi virgesinn Consultatioun ze starten;
- opgrond vum Avis vum 28. Mäerz 2025 vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op eng Ëmweltpréiwung fir d'Klasséierung vun der Parzell 1195/4357 ze verzichten.

3.2. Unhuele vun engem Projet iwwer eng punktuell Modifikatioun vum PAG vun der Gemeng Schëtter fir e kommunalt Gebai zu Schëtter, Place de l'Église, an d'Adaptatioun vum Artikel 25 vun der Partie écrite vum PAG

An der Sëtzung vum 27. November 2024 huet de Gemengerot eng favorabel Stellungnam zu enger punktueller Modifikatioun vum PAG ofginn, déi d'Gemenghaus zu Schëtter, Place de l'Église betrëfft, sou wéi d'Adaptatioun vum Artikel 25 vun der Partie écrite vum PAG gutt geheescht. De Schäfferot gouf deemools beoptraagt, déi gesetzlech virgesi Consultatioun duerchzeféieren.

Opgrond vum Certificat de publication, wou eraus ervirgeet, dass keng Reklamatioun oder Bemierkung agereecht gouf, an op Basis vum positiven Avis vum Inneministère, decidéiert de

Gemengerot eestëmme, de Projet vun der punktueller Modifikatioun vum PAG z'approuvéieren.

3.3. Unhuele vun engem Projet vun enger punktueller Modifikatioun vum Plan d'aménagement particulier „quartier existant“ (PAP QE) iwwer d'Ophiewe vum kommunale Patrimoine-Schutz vun engem administrative Gebai zu Schëtter, Place de l'Église

Am Kontext vun der Decisioun ënnert Punkt 3.2. vun dëser Sëtzung gouf et néideg, de Plan d'aménagement particulier „quartier existant“ ze adaptéieren, dëst fir seng Kohärenz z'erhalen.

No der Analys an der Feststellung vun der Konformitéit vum Projet huet de Schäfferot decidéiert, d'Prozedur vun enger Modifikatioun vum PAP QE an d'Weeër ze leeden, sou wéi d'Gesetz et verlaangt.

Dës Modifikatioun betrëfft d'Ophiewe vum kommunale Patrimoine-Schutz vum Gemenghaus op der Adress 2, Place de l'Église zu Schëtter.

Well keng Reklamatioun agereecht gouf, approuvéiert de Gemengerot eestëmme d'punktuell Modifikatioun vum PAP QE.

4.

Kommunal Infrastrukturen

4.1. Approbatioun vun engem Decompte fir d'Realisatioun vu bezuelbarem Wunnraum – Schafung vun engem zousätzleche Logement – 107, Hauptstrooss zu Schëtter

De Gemengerot decidéiert eestëmme, de follgende finalen Decompte vun Dépenses extraordinaires z'approuvéieren:

BUDGETSARTIKEL	BEZEICHNUNG	GESAMTKÄSCHTEN LAUT DEVIS	EFFEKTIV ENTSTANE KÄSCHTEN
4/612/221312/21006	Réalisation de logements à coût modéré – Création d'un logement supplémentaire - 107, rue Principale à Schuttrange	534.183,40 €	506.259,50 €

5.

Gemengereglementer

5.1. Approbatioun vun engem Règlement iwwer kommunal Finanzhëllef am Beräich vun der nohalteger Entwécklung an der Upassung un de Klimawandel

De Gemengerot huet op Basis vu verschiddenen nationale Gesetzer a groussherzogleche Reglementer am Zesammenhang mat dem Ëmweltschutz, der Energietransitioun an der nohalteger Mobilitéit, souwéi op Basis vu senger viregte Beschlëss am Beräich vun der nohalteger Entwécklung eestëmme decidéiert, e Règlement iwwer d'Allocatioun vun öffentleche Finanzhëllef am Beräich vun der nohalteger Entwécklung an der Upassung un de Klimawandel unzehuelen.



Dëse Règlement deckt ënner anerem déi follgend Beräicher of:

- Energieeffizienz a méi nohalteg Energien am Wunnberäich;
- D'Installatioun vu Luetstatiounen fir elektresch Gefierer;
- D'Reewaassersammlung;
- Mobilité douce (Vëloen a Pedelecen);
- Iwwerschwemmungsschutz;
- Begréngt Diecher a Fassaden;
- Individuell Kompostéierung;
- Hausgeräte mat héijer Leeschtung an niddregem Energieverbrauch;
- Heizungszirkulationspumpen;
- D'Ëmsetzung vu klengen kollektive Projeten zum energieeetsche Selbstverbrauch.

De consolidéierten Text kann op der Internetsäit www.schuttrange.lu nogelies ginn.

6.

Gemengefinanzen

6.1. Inscriptioun vun engem neie Budgetartikel fir d'kommunal Finanzhëllef am Beräich vun der nohalteger Entwécklung an der Upassung un de Klimawandel

Als Ergänzung zur Decisioun iwwert d'Unhuele vum Règlement aus dem Punkt 5.1. ass et noutwendeg, en neien Artikel am Budget ze schaffen.

Deemno decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Aschreiwung an de Budget extraordinaire 2025 vun engem neien Artikel 4/532/240000/99001 « Aides financières communales dans le domaine du développement durable et de l'adaptation au changement climatique » mat engem Kredit vun 200.000 € z'accorderen.

7.

Notariell Akten, Compromisen an Droit de préemption

7.1. Decisioun iwwert d'Reklasséierung vun engem Terrain vum Domaine public an den Domaine privé vun der Gemeng Schëtter am Lieu-dit „Ënnert der Haart“

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, déi follgend Terrainen, déi aktuell zum Domaine public gehéieren a geleeën zu Schëtter, Sektoun A vu Schëtter:

- Nummer 46/4888, Flouer: „Ënnert der Haart“, Plaz, Fläch: 1,15 Ar;
- Nummer 46/4889, Flouer: „Ënnert der Haart“, Plaz, Fläch: 1,80 Ar;

an den Domaine privé vun der Gemeng ëmzeklasséieren, am Kader vun enger geplanter Cessioun un d'Sociétéit Felino S.A. (Punkt 7.2.).

7.2. Approbatioun vun engem Acte d'échange iwwer Terrainen zu Schëtter am Lieu-dit „Ënnert der Haart“

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Acte d'échange Nr. 217/2025, ënnerschriwwen den 25. Mäerz 2025 tëscht dem Schäfferot an der Sociétéit Felino S.A. mat Sëtz zu L-5368 Schëtter, 6, rue de Neuhaeusgen, z'accorderen.

Felino S.A. cedéiert der Gemeng Schëtter déi follgend siwen Terrainen zu Schëtter, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektoun A vu Schëtter:

KADASTER-NUMMER	LIEU-DIT	NATURE TERRAIN	FLÄCH
46/4704	Ënnert der Haart	Place	0,16 are
46/4705	Ënnert der Haart	Place	0,13 are
46/4706	Ënnert der Haart	Place	0,16 are
46/4707	Ënnert der Haart	Place	0,16 are
46/4708	Ënnert der Haart	Place	0,13 are
46/4709	Ënnert der Haart	Place	0,16 are
56/4876	Rue de Neuhaeusgen	Place	2,05 ares

Als Géigeleeschtung cedéiert d'Gemeng Schëtter un d'Sociétéit Felino S.A. zwee Terrainen zu Schëtter, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektoun A vu Schëtter:

KADASTER-NUMMER	LIEU-DIT	NATURE TERRAIN	FLÄCH
46/4888	Ënnert der Haart	Place	1,15 ares
46/4889	Ënnert der Haart	Place	1,80 ares

Den Echange vun den Terrainen gëtt am Interessi vun der Allgemeinheit duerchgefëhrt: d'Parzellen, déi d'Gemeng kritt, ginn an d'ëffentlecht Stroossennetz, a Gréngflächen an an en ëffentleche Parking integréiert.

7.3. Approbatioun vun engem Verkafsakt am Kader vum PAP Rue de Luxembourg zu Schraasseg

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Verkafsakt vum 25. Mäerz 2025 fir Terrainen zu Schraasseg, Rue de Luxembourg, am Kader vum PAP Rue de Luxembourg, z'accorderen.

Follgend Terraine ginn un d'Gemeng Schëtter cedéiert:

KADASTER-NUMMER	LIEU-DIT	NATURE TERRAIN	FLÄCH
395/1925	Rue de Luxembourg	Place voirie	1,45 ares
395/1923	Rue de Luxembourg	Place voirie	1,29 ares

De Verkaf gouf zum Präis vu 14.880,00 € gemaach a soll der Allgemeinheit déngen, mat Integratioun an d'ëffentlecht Stroossennetz.

7.4. Approbatioun vun engem Verkafsakt iwwer Terrainen zu Mënsbech, rue Principale

De Gemengerot akzeptéiert eestëmmeg, den Akt vum 23. Abrëll 2025, ënnerschriwwen vum Schäfferot, fir d'Acquisitioun vun engem Terrain zu Mënsbech, Sektoun B, fir 62.700,00 €, mat der Zilsetzung, e Foussgänger- a Vëloswee tëscht der Minsber Gare an dem Parc d'Activités Syrdall unzeleeën:

KADASTER-NUMMER	LIEU-DIT	NATURE TERRAIN	FLÄCH
1085/4566	Rue Principale	Place	4,18 ares

**7.5. Approbatioun vun engem Verkafsakt iwwer Terrainen zu Schëtter – „Auf Rolent“, „Bei der Hiefgeshoehle“ an „Am Hohlenweg“**

De Gemengerot decidéiert eestëmme, den Akt vum 10. Abrëll 2025 z'accordéieren, duerch deen d'Gemeng fir 724,50 € véier Parzelle kauft, déi am Kader vun der schonn duerchgefouert Regulariséierung vun der Rue de Canach ausserhalb vun der Uertschaft:

KADASTER-NUMMER	LIEU-DIT	NATURE TERRAIN	FLÄCH
737/4765	Auf Rolent	Place voirie	1,27 ares
740/4767	Auf Rolent	Place voirie	0,28 are
884/4785	Bei der Hiefgeshoehle	Place voirie	0,31 are
893/4791	Am Hohlenweg	Place voirie	0,21 are

7.6. Approbatioun vun engem Droit d'emphytéose an engem Acte de vente en l'état futur d'achèvement (VEFA) fir e Wunnhaus zu Iwwersiren, rue des Jardins

De Gemengerot decidéiert eestëmme, den Droit d'emphytéose an den Acte de vente en l'état futur d'achèvement (VEFA), ënnerschriwwen den 23. Abrëll 2025 tëschent dem Schätferot an dem Här an der Madamm Bauduin-Buysens, z'accordéieren.

7.7. Decisioun iwwert d'Ausübe vum Virkafsrecht fir Terrainen zu Schëtter – „Hinter Thelen“ an „Unten am Hienert“

De Gemengerot decidéiert eestëmme, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis vun 115.000,00 €, wéi am Dossier vun der Etude Me Robert Mines opgefouert:

KADASTER-NUMMER	SEKTIION	LIEU-DIT	TERRAIN	FLÄCH
671/1905	A de Schuttrange	Hinter Thelen	Terre labourable	11 ares 70 centiares
679/1251	A de Schuttrange	Unten am Hienert	Terre labourable	17 ares 30 centiares
681/1252	A de Schuttrange	Unten am Hienert	Terre labourable	36 ares 40 centiares
682	A de Schuttrange	Unten am Hienert	Terre labourable	43 ares 50 centiares

7.8. Decisioun iwwert d'Ausübe vum Virkafsrecht fir een Terrain zu Mënsbech, Rue du Château

De Gemengerot decidéiert eestëmme, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis vu 70.000,00 €, wéi am Dossier vun der Etude Me Marc Elvinger opgefouert:

KADASTER-NUMMER	SEKTIION	LIEU-DIT	TERRAIN	FLÄCH
1220/4570	B de Munsbach	Rue du Château	Place	23 centiares

7.9. Decisioun iwwert d'Ausübe vum Virkafsrecht fir een Terrain zu Schraasseg – „Hannert dem Gaart“

De Gemengerot decidéiert eestëmme, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis vu 456.950,00 €, wéi am Dossier vun der Etude Me Elisabeth Reinard opgefouert:

KADASTER-NUMMER	SEKTIION	LIEU-DIT	TERRAIN	FLÄCH
15/1857	C de Schraasseg	Hannert dem Gaart	Place	4 ares 82 centiares

8.

Schrëftlech Froe vun de Gemengeconseillere

Den 29. Abrëll 2025 huet d'lokal politesch Partei „Schëtter Bierger“ beim Schätferot nogefrot, fir Informatiounen zur Planung vun der Erneuerung vum Belag vu verschiddene Stroossen an der Gemeng ze kréien, besonnesch déi, déi vu Chantiere betraff sinn.

An deem Kontext deelt de Schätferot mat, dass et de Moment kee formaliséierte Plang fir d'Sanéierung vun de Stroossen gëtt.

Et ass och wichteg tëschent de Stroossen z'ënnerscheeden, déi duerch en einfache Ralage kënnen renovéiert ginn, an deenen, wou eng komplett Erneuerung vun den ënnerierdeschen Infrastrukturen noutwenneg ass. Am leschte Fall wier et net sënnavoll, grouss Käschten an e Ralage ze investéieren.

D'Strooss vum CR132, déi de Rond-point vu Mënsbech mat der Aktivitéitszon verbënnt, ass tatsächlech a schlechtem Zoustand wéinst de ville Fouillen, déi do stattfonnen hunn, besonnesch am Kader vum Ausbau an der Adaptatioun vun den Infrastrukturen am PAP „Um Klapp“.

Wéinst der Komplexitéit vun der Projetplanung hu sech d'Aarbechte méi laang gezunn ewéi geplangt a goufen eréischt am Mäerz 2025 ofgeschloss. D'Gemeng schafft aktuell un engem Sanéierungsplang, fir kënnen eng Ausschreiwung ze lancéieren.

Wat d'Sanéierung vun der Kanecher Strooss ugeet, erënnert de Buergermeeschter drun, dass et sech ëm e private Chantier handelt. Den zoustännegen privaten Acteur ass verpflichtet, op der betraffener Hallschent vun der Strooss e Ralage duerchzeféieren.

Wat d'Éiter Strooss ugeet, plangen d'Gemengeservicer aktuell zesumme mat engem Ingenieurbüro eng komplett Erneuerung vun den Infrastrukturen. Dëse Projet erfuerdert eng komplex Planung, wéinst der Densitéit un ënnerierdeschen Reseauen op engem enge Raum.

De Budget ordinaire gesäit awer Kreditter fir esou Ralagearbechte vir.

Wat d'schrëftlech Fro ugeet, déi vun den „Schëtter Bierger“ am Gemengerot vum 26. Mäerz 2025 agereecht gouf, a sech virun allem op de Fonctionnement vum Centre socio-éducatif de l'État (CSEE) zu Schraasseg bezitt, gëtt matgedeelt, dass de Schätferot sech viru Kuerzem mat der Direktioun vum CSEE an och mat der Police getraff huet, fir de Punkt iwwer d'Situatioun ze maachen an déi aktuell Problematiken ze diskutéieren.

Et gouf decidéiert, esou eng Reunioun ab elo reegelméisseg, eemol am Joer, ofzehalen.



An de leschten zwee Joer gouf keen eenzege gréisseren Tësche-fall festgestallt, deem eng negativ Auswierkung op d'Awunner vu Schraasseg hätt kéinten hunn. Am Fall vun engem Tësche-fall am Zesummenhang mam CSEE gëtt un d'Awunner appelléiert, d'Permanence-Nummer vum Centre direkt ze kontaktéieren.

De Buergermeeschter betount och, dass d'Struktur zu Schraasseg keen zouenen Zenter ass, mee op enger Ko-Existenz tëschent verschiddene Jugendgruppen opgebaut ass. D'Bewun-ner si gläichzäiteg verflucht, déi virgeschriwwen Reegele strikt anzehalen.

De Buergermeeschter bestätegt och den Asaz vun enger exter-ner Sécherheitsfirma op der Plaz vum CSEE zu Schraasseg. Dobäi handelt et sech awer nëmmen ëm ee Sécherheitsagent, dee just zoustänneg ass fir d'Sécherheet vum edukative Perso-nal.

Wat d'presuméiert Festnam vun engem jonke Bewunner vum CSEE am Kader vun engem rezenten Abroch ugeet, bestätegt de Buergermeeschter, dass e Mannerjärege, deem zu Schraasseg ënnerbruecht war, effektiv do implizéiert war.

9.

Froe vum Publikum

Keng.

Déi gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann
nogeckuckt ginn op: [https://www.schuttrange.lu/politique/
seances-du-conseil-communal](https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal)



LU

Sëtzung vum Gemengerot 21.05.2025

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht jidderee wëllkomm zu der fënnefter Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2025.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt d'Conseilleren Nicolas WELSCH a Jules SAUBER.

Heibäi deelt hie mat, datt:

- Den Här Nicolas WELSCH dem Här Serge EICHER eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.
- Den Här Jules SAUBER dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem deelt de Buergermeeschter mat, datt d'ëffentlech Ofstëmmung vun där Sëtzung mam Conseiller Serge THEIN ufänkt.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi Evenementer, déi zanter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- Den 1. Mee, um Dag vun der Aarbecht, hu sech vill Veräiner nees an de Bëscher vun der Gemeng getraff, fir déi schéin Traditioun vum Flechte vum Meekranz ze erhalen a gemeinsam ze feieren;
- Sonndes, de 4. Mee, huet d'Sport- a Fräizäitkommissioun zesumme mat der Gemeng Schëtter déi traditionell Marche Gourmande organiséiert. Dëse kulinarische Circuit vu ronn 13 Kilometer huet iwwer en ausgeschëlderte Parcours mat 5 Statiounen gefouert. De Buergermeeschter seet de Scoute vum Neihaischen an der Kommissioun e grouse Merci fir dëst gelongent Evenement;
- Dënschdes, de 6. Mee, huet de Fotoclub seng Generalversammlung am Pavillon bei der Gare zu Mënsbech ofgehalen. Déi nei Reegelung fir d'Subventiounen fir Veräiner gouf vum Fotoclub gutt opgeholl. Et soll nach eng Kéier betount ginn, dass de Club bei bal all Evenement dobäi ass a mat senge Fotoen zur kollektiver Erënnerung bäidréit. De Buergermeeschter seet alle Fotografe villmools Merci fir hiren Asaz;
- Mëttwochs, de 7. Mee, waren de Gemengerot an de Schoulcomité op d'Inauguratioun vum pädagogesche Chalet „Stippi“ invitéiert. De Chalet gouf vum Fierschter komplett renovéiert. Besonnesch Opmierksamkeet gouf op Nohaltgeket an den Asaz vun natierleche Materialie geluecht. De Chalet steet de Schoulen, der Maison Relais, Crëchen an och Veräiner wéi de Scoute fir pädagogesch Zwecker zur Verfügung. Interesséiert Gruppe solle sech beim Service forestier um Sennengerbiereg mellen. De Chalet kann net vu Privatleit gelount ginn, well d'Ëmweltgeneemegung nëmmen eng pädagogesch Notzung erlaabt;
- De selwechten Dag, de 7. Mee, huet de Veräin Gaart an Heem Schëtter eng ausseruerdentlech Generalversammlung am Schëtter Treff ofgehalen;
- Donneschdes, den 8. Mee, huet de Gemengerot zesumme mat Verrieder vun de consultative Kommissiounen den Europadag gefeiert an nach eng Kéier säin Engagement fir e staarkt, gëeenegt a friddlecht Europa gewisen;
- Samschdes, den 10. Mee, war Schëtter Maart, wou nieft de gewinnste Stänn och e Kuch-Bakconcours ofgehal gouf. Am Kader vun de "Fairtrade Wochen" war eng vun den Ufuerderungen, datt de Kuch op d'mannst ee Fairtrade-Produit enthält. Duerno goufen all d'Kuche verkaaft, an d'Recettë goufen un d'ASBL „Luxembourg Allergy Network“ gespent;

- De selwechte Moie gouf och e Pétanque-Tournoi um Terrain virun der aler Schoul zu Mënsbech gespillt. Dësen Tournoi gouf vum Club „La Pétanque“ organiséiert;
- Sonndes den, 11. Mee, huet d'ASBL „Stippi“ seng Generalversammlung am Café de la Gare zu Mënsbech ofgehalen;
- Samschdes, de 17. Mee, huet d'„Schëtter Musek“ hire grouse Galaconcert am Centre culturel organiséiert. Zesumme mat de „Schëtter Jongbléiser“ hu si e flotten a variéierte Programm zesummegeallt, dëst Joer ënnert dem Motto: „Come fly with us“;
- De selwechten Dag, um Site vum Scoutschalet um Neihaischen, gouf den Ierfgroussherzog Guillaume mat der héchster Scoutsauszeechnung vun der „Organisation mondiale du Mouvement Scout“, dem Bronze Wollef, geéiert. D'Servicer vun der Gemeng Schëtter hu bei der Organisatioun vun dësem groussen Evenement matgeholl;
- De Weekend vum 18. Mee ass ofgeschloss ginn duerch d'„Journée du Climat et de la Biodiversité“, souwéi den „Natura 2000 Dag“, déi am Centre culturel „Machera“ zu Gréiwemaacher stattfonnt hunn. De SIAS hat e variéierte Programm zu dësen Themen op d'Bee gestallt, an net manner wéi dräi Ministere ware bei der Ouverture present.

Duerno informéiert de Buergermeeschter iwwer déi verschiddenen Evenementer, déi nach ustinn:

- Wat d'„Fête des Voisins 2025“ ugeet, hu sech vill Leit gemellt, fir en Nopeschtreffen z'organisieren. D'Gemeng mécht schonn zënter e puer Joer bei därer flotter Initiativ mat, déi Zil huet, d'Zesummeliwwen a gutt Nopeschbeziungen ze stäerken;
- De Weekend vum 24. bis de 25. Mee fënnt de „Schëtter Classic Day“ um Schoulcampus statt. Nieft der Ausstellung vun historiesche Gefierer an Traktere si vill Animatiounen iwwer de ganze Weekend geplangt;
- Aner Aktivitéite si fir de selwechte Weekend virgesinn. Esou wäert samschdes, de 24. Mee, d'Vëloscourse „Schleck Gran Fondo“ och duerch een Deel vun der Gemeng fueren;
- De 25. Mee organiséiert d'politesch Partei „Déi Gréng“ e Spadséiergank iwwer d'Studie vun de Villercher;
- Dënschdes, de 27. Mee, gëtt „Schëtter Musek“ owes e Concert op der Plëss an der Stad;
- Sonndes, den 1. Juni, organisieren d'Fraen a Mammen Schëtter e Märchen-Spadséiergank mat verschiddenen Animatiounen um Bauerenhaff „A Schmatten“ zu Al-Schëtter;
- Freides, de 6. Juni, fënnt d'Generalversammlung vun de „Schëtter Theaterfrënn“ an der Galerie um Schoulcampus statt;
- Samschdes, de 7. Juni, organiséiert d'Jugendkommissioun een Open Air Kino ënner dem groussen Zelt um Schoulcampus;
- De selwechte Weekend invitéiert de Veräin Gaart an Heem Schëtter sonndesmoies op hir Mammendagsfeier. Et gëtt e Cortège an eng Mass an duerno nach een Aperó am Schëtter Treff;
- De ganze Sonndeg iwwer leeft och den „Oppe Gaardepäertche meets Rendez-vous aux jardins“ an der Roseraie vum Minsber Schloss;
- Mëttwochs, den 11. Juni, gëtt d'Fête de l'Amitié am Gaart vum Minsber Schloss gefeiert. Mat der Ënnerstëtzung vum „Centre de compétence pour le développement socio-émotionnel“ (CDSE) wäerte vill Aktivitéiten a Verkafsstänn vun de Schoulklassen a Mataarbechter vum CDSE organiséiert ginn. D'Recettë ginn u Sakhi Trust, eng Organisatioun, déi sech fir Jonker a Fraen a Südindien asetzt, an un d'ASBL Trauerwee gespent;
- Samschdes, de 14. Juni, fanne verschiddenen Aktivitéiten an der Gemeng statt. Lass geet et mam Schëtter Maart um 9:00 Auer op der Kiercheplaz, an ëm 11:00 Auer spillen d'„Schëtter Jongbléiser“ e Concert. Dëst markéiert och



de Start vun der Fête de la Musique, mat zwee weidere Concerten ënner dem Zelt um Campus: eng Piano-Auditioun vun der Museksschoul UGDA an e Concert vun „Destiny Flexboy“ an „Hands on Mars“;

- Gläichzäiteg gëtt och samschdes d’Nuit du Sport vu 16:00 bis 22:00 Auer ofgehalen, mat ville sportlechen Aktivitéiten. Nieft de klassesche Sportaarte ginn och méi onbekannten Disziplinne virgestallt;
- Vum 22. bis de 29. Juni fënnt d’„Semaine de la Rose“ statt, organiséiert vun den Amis luxembourgeois de la rose. D’offiziell Ouverture ass sonndes, den 22. Juni ëm 12:00 Auer an der Roseraie beim Minsber Schlass. Nieft dem Schafferot an dem Gemengerot wäert och eng Delegatioun vun der Partnergemeng Sieglersbach present sinn;
- Den 23. Juni si wéi all Joer d’Festivitéiten am Kader vun Nationalfeierdag. De Programm gesäit esou aus:
 - 14:30 Auer – Te Deum an der Kierch
 - 15:00 Auer – Cortège vun der Kiercheplaz bis op de Schoulcampus
 - Duerno: Offiziell Ried a Medailverdeelung, musikalesch encadréiert vun der „Schëtter Musek“ a vun der Chorale vu Schëtter
 - Duerno ass dann e grouss Volleksfest mat Kanneranimatioun, kulinarische Spezialitéite vu verschiddenen Nationalitéiten aus der Gemeng an enger musikalescher Ënnerhaltung vun der „Schëtter Strëpp“ an engem DJ.
 - D’Tickete fir d’Entrée kaschten e symboleschen Euro. All Recettë ginn u karitativ Organisatiounen gespent.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Gemeng Schëtter hirem Internetsite consultéiert ginn.

Duerno informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer folgend Punkten:

- Fir de Besoin vun de Bierger besser entgéintzekommen, wäert de Ruffbus Syrdall während enger Testphas vu sechs Méint zwou nei Destinatiounen uesteieren: d’Senioresresidenz zu Kanech an d’Sportshal zu Conter. De Supermarché an der Nopeschgemeng gëtt net ugefuer, well et schonn eng entspreichend Offer an eiser Gemeng Schëtter an och an där vun Nidderaanwen gëtt;
- d’Maison des Jeunes op der Nummer 30, um Schënnbiërg: An dësem Kontext gouf et een Austausch mat de Reklamannten, déi confirméiert hunn, datt si net géint d’Urteel vum Verwaltungsgeriicht appelléieren. D’Gemeng begréisst dës Decisioun a wäert op e gutt Noperschaftsverhältnis oppassen. Zu dësem Zweck ass an den nächste Wochen eng Entrevue mat de Jugendleche virgesinn, déi an deem Haus wunnen, fir iwwer d’Thema vun der Wunnengshëllef ze diskutéieren. D’Gemeng huet och kloergestallt, datt kee weidere Projet fir dat Haus virgesinn ass.

Dono informéiert de Schäfte Andrew KISER iwwer:

- déi lescht „Plattform Jugendhaus“, bei där de Joresrapport fir 2024 an d’Pläng fir 2025 virgestallt goufen – a Presenz vun enger Vertrieederin vum zoustännegen Ministère. D’Maison des Jeunes ass elo 28 Stonnen d’Woch op, mat villfältigen Programmer wéi Hausaufgabenhëllef, Atelieren, Sport an och Preventiounsthemen zum Thema Gewalt- a Suchtverhalten. Mëttwochs a freides ginn et Sportaktivitéiten am Kader vum Projet „Body, Mind and Soul“ an der Sportshal. Iwwert d’Mëttesstonn kënnen d’Kanner aus dem Cycle 4 vun der Maison Relais duerch de Projet „Campus Hopping“ en Abléck an d’Aarbecht vum Jugendhaus kréien. Samschdes ginn et reegelméisseg kulinarisch Atelieren. Den Här KISER deelt mat, dass den Duerchschnittsalter

vun de Visiteuren am Jugendhaus bei 16 Joer läit. Et géif awer ëmmer méi Interessi ginn, och vu Kanner aus dem Cycle 4, obwuel si nach net an d’Alterskategorie vun 12 bis 26 Joer falen. Besonnesch vill Opmierksamkeet kréien d’Projeten „Maison Relais goes Jugendhaus“ an „You kids an der Dällt“. En neie Projet mam Titel „Drop on a hot stone“ behandelt Thematiken wéi Konsumgewunnechten, Nohaltegkeet an Upcycling. Zousätzlech organiséiert d’Maison des Jeunes reegelméisseg Excursiounen a mécht bei ville Gemengenevents mat – esou och bei der nächste Nuit du Sport an der Fête de la Musique. Zum Schluss seet den Här KISER e grouse Merci un d’Personal vum Jugendhaus, besonnesch un déi, déi sech fräiwëlleg am Kader vun der ASBL engagéieren;

- seng Demissioun als Schäfte mat Wierkung op den 31. Mee. Hien huet eng nei beruflech Funktioun ugeholl, déi net kompatibel mat der Roll als Schäfte ass. Den Här KISER seet de Membere vum Gemengerot an dem Gemeengepersonal Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an de leschten zwee Joer. Hie bleift weiderhi Conseiller am Gemengerot fir d’Demokratesch Partei.

Duerno informéiert de Schäfte Serge EICHER:

- iwwer déi lescht Reunioun vum SIDOR-Comité vum 19. Mee 2025, wou finanziell Donnéeën virgestallt goufen. De SIDOR steet finanziell ganz stabil do, mat engem Gewënn vu 4,8 Milliounen Euro fir 2024 an enger Liquiditéitsreserv vun 91 Milliounen Euro. Zousätzlech huet hien ugemierkt, dass déi 4 SIAS-Gemengen, dorënner Schëtter, zu deene gehéieren, déi déi mannst Offäll an d’Verbrennung ginn. Dëst weist, dass d’Initiativen an de leschte Jore wéi z. B. déi nei Tax-Reglementer fir déi gro Poubelle sech ausbezuelen.

Dann informéiert de Conseiller Jean-Marie ALTMANN iwwer:

- déi lescht Plenië vum Klimabündnis. Do goufen de Budget an d’Bilanz fir 2024 virgestallt, dat mat engem positive Resultat ofgeschloss gouf. Ausserdeem gouf iwwer d’Auswirkunge vun der neier ASBL-Gesetzgebung vun 2023 op d’Struktur vum Klimabündnis geschwat. Et war bis elo der Mammenorganisatioun – dem Mouvement écologique – net méiglech, d’Konten vum Klimabündnis ze geréieren, ouni sech selwer am Bilan ze ernimmen. Dofir misst d’Klimabündnis eng onofhängeg ASBL ginn. Dëst stellt sech als méi komplizéiert eraus wéi erwaart. Et ginn aktuell Gespréicher mam Inneministère, fir eng juristesche Léisung ze fannen. Nach gouf et bis elo keen offizielle Refus, awer et gëtt drop higewisen, dass eng Gemeng net Member vun enger ASBL ka sinn. Dëst muss also nach juristesche gepréift ginn.

Zum Schluss informéiert den Här Buergermeeschter Claude MARSON iwwer:

- déi lescht SIAS-Comitésreunioun vum 15. Mee, wou de Budget an de Bilan fir 2024 ugeholl goufen. Eng Konventioun gouf ënnerschriwwen mam Institut St. Joseph vu Betzder, déi et och Gemenge baussent dem CIGR erméiglecht, Näschter an Nisthëllef ze bestellen.

Zousätzlech gouf eng Konventioun mat der Ëmweltberodung Lëtzebuerg (EBL) iwwer de Projet „Gutt Geschier“ ugeholl. Dëse Projet soll eng Aart Bibliothék mat Gaardegeschier an aneren Outilen aus zweeter Hand opstellen, déi am Recyclingzenter fir d’Bierger zougänglech gemaach ginn. E groussen Deel vun dësen Objete besteet aus de Saachen, déi d’Leit am Recyclingzenter ofginn.



Zum Schluss deelt den Här Marson mat, dass den Avant-Projet sommaire (APS) fir en neie Ressourcenzenter an en Administratiounsgebaai fir de SIAS gutt virugeet. Echange an Concertatiounen mat de véier verantwortleche Gemengen (Conter, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter) hu scho stattfonnt. Den 30. Juni gëtt eng Informatiounsreunioun mat den aneren 21 SIAS-Membergemengen organiséiert. Am Fall vu grousser Zoustëmmung kann de Projet duerno an d'Phas vum Avant-Projet définitif (APD) goen an dono am SIAS a Gemengerot gestëmmt ginn.

1.

Mobilitéit an ëffentlechen Transport

1.1. Presentatioun vum de Resultater vum enger Verkéiersetude um Territoire vum der Gemeng Schëtter

Am Juli 2024 huet de Schäfferot dem Ingenieurbüro Schroeder & Associés d'Missioun uvertraut, eng Verkéiersetude um Territoire vum der Gemeng Schëtter duerchzeféieren.

Déi komplett Presentatioun, inklusiv d'Resultater vum der Etude, wéi se vum Här Jacques Dostert, Geograph beim Ingenieurbüro Schroeder & Associés, virgestallt gouf, kann ënnert dëser Adress consultéiert ginn: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>

2.

Grondschoul- a Museksunterrecht

2.1. Approbatioun vum der provisoirescher Schoulorganisatioun vum Enseignement fondamental fir d'Schouljoer 2025/2026

Nodeems d'Erklärung vum der Presidentin vum Schoulcomité an dem Schäfferot gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'provisoiresch Schoulorganisatioun vum Enseignement fondamental fir d'Schouljoer 2025/2026 festzeleeën, esou wéi se vum Schoulcomité den 13. Mee 2025 positiv bewäert gouf.

D'Detailer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt am „Schoulbuet“ publizéiert.

2.2. Approbatioun vum Plan d'encadrement périscolaire (PEP) fir d'Schouljoer 2025/2026

Well de Plan d'encadrement périscolaire (PEP) fir d'Schouljoer 2025/2026 och vum Schoulcomité positiv bewäert gouf, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, dësen ze approvéeieren.

D'Detailer ginn zu engem spéideren Zäitpunkt am „Schoulbuet“ publizéiert.

2.3. Approbatioun vum enger Ännerung vum Plan de développement vum Établissement scolaire „Schoul An der Däilt“ zu Mënsbech 2024-2027

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Modifikatiounen un de Sous-objectifs fir d'Schouljoer 2024/2025 am Kader vum Plan de développement vum Établissement scolaire „Schoul An der Däilt“ zu Mënsbech (Period 2024-2027) ze approvéeieren.

2.4. Regional Museksschoul Syrdall – Approbatioun fir déi provisoiresch Organisatioun vum Museksunterrecht fir d'Joer 2025/2026

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'provisoiresch Organisatioun vum der Regionaler Museksschoul Syrdall fir de Museksunterrecht am Schouljoer 2025/2026 festzeleeën. D'Käschte fir d'Gemeng Schëtter belafe sech op 846.066,25 €.

3.

Ëmwelt an nohalteg Entwécklung

3.1. Klima-Pakt – Presentatioun an Approbatioun vum den Ännerungen un de Leitlinien „Leitbild 2030 – développement durable“

De Gemengerot hält Kenntnis vum de Modifikatiounen un de Leitlinien „Leitbild 2030 – développement durable“ am Kader vum Klima-Pakt a stëmmt dësen Ännerungen eestëmmeg zou.

Dat geännert „Leitbild 2030 – développement durable“ vum Mee 2025 ersetzt d'Versioun, déi de Gemengerot den 28. September 2022 gestëmmt hat.

Déi komplett Presentatioun kann ënnert dëser Adress consultéiert ginn: <https://www.schuttrange.lu/politique/seances-du-conseil-communal>

3.2. Approbatioun zur Ergänzung vum der Kontrolllëscht („Checklist“) am Kader vum der Ausaarbechtung vum neie Projets d'aménagement particuliers (PAP NQ)

D'Kontrolllëscht déngt als Guide fir d'Konzipéiere vum neie PAPen, fir dës méi ëmweltfrëndlech an am Aklang mat de Prinzipie vum der Nohaltegkeet an der Kreeslafwirtschaft z'entwéckelen.

Si spillt domat eng wichteg Roll beim Erreeche vu villen Ziler, wéi z. B. dem Schutz vum der Gesondheet an der Ëmwelt, dem Erhalen an der Valoriséierung vum der Biodiversitéit oder dem nohaltege Bauen nom Prinzip vum der Kreeslafwirtschaft.

Nodeems d'Erklärung vum Schäfferot gehéiert goufen, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, en neit Element an d'Kontrolllëscht anzefügen:

5. Schafung vu klimagerechten Zonen	5.5. Promotioun vum net oder nëmmen deelweis versigelten Uewerflächen an de Verkéiersberäicher am ëffentleche Raum an den neie PAPen (nei Wunnquartieren)	Definitioun: D'Verkéiersberäicher am ëffentleche Raum sinn Zonen, déi vu Persounen a Verkéiersmëttel benotzt ginn. Beispiller vu Verkéiersberäicher am ëffentleche Raum: Stroossen, Trottoiren, Foussgängerweeër, Vëlosweeër, Parkplazen, ëffentlech Plazen. 20% vun de gesamte Verkéiersberäicher am ëffentleche Raum däerfen net oder nëmmen deelweis versigelt sinn. Privatfläche ginn an dëser Berechnung net mat abezunn.
-------------------------------------	---	---



3.3. Approbatioun vu Baustandarde a vun der Mise en place vum Outil Bauchek bei de Bauprojete vu kommunale Gebaier

Am Abrëll 2024 huet de Gemengerot Kenntnis vum Konzept Naturschutzstrategie geholl an dëst och festgehalten.

Fir d'Moossnamen am Kader vum Klimapakt a vum Naturschutzpakt ëmzesetzen, muss eng Kontrolllëscht ugeholl a respektéiert ginn, déi op d'Integratioun vun ëmweltrelevante Critèren an de kommunale Gebaier (Neibau oder Renovatioun) ausgeriicht ass.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg:

- All Bauprojet vun engem kommunale Gebai – egal ob Neibau oder Renovatioun – mat Hëllef vum Instrument „Bauchek“ z'evaluieren, dat vun der Klima-Agence am Kader vum Klimapakt entwéckelt gouf, op d'mannst an de Phase Studien a Fäerdegstellung vum Gebai;
- Am Planungsprozess déi néideg Moossnamen z'integréieren, fir mindestens 40 vun de 45 am Bauchek ausgewielte prioritären Ziler z'erreechen;
- Beim Ofschloss vum Projet sollen op d'mannst 30 vun dese 45 Ziler erreecht ginn. Bei Renovatiounen ka vun dëser Regelung derogéiert ginn, wann et begrënnt an dokumentéiert Motiver ginn;
- En Zil gëllt als erreecht, wann op d'mannst 50 % vun de betreffende Mesuren ëmgesat ginn;
- D'Resultater vun dësen Evaluatiounen am Kader vum Klimapakt 2.0 a vum Naturschutzpakt ze dokumentéieren.

4.

Kommunal Infrastrukturen

